



INFO-KAD:

Email: info@kad.lu

Tel: 23 63 97 18

(Lou Anzia-Ney)



Léif Memberen,

Gedanke fir den Dag

Haut vum Stéphanie Kasel. Villmools Merci!

Dës lescht war ech mat menger Famill an enger Kierch, ausserhalb vun der Mass. Mir hunn eis alles ganz genau ugekuckt. Den Altar, de Priedegtstull, d'Beichtstill, ... A mir stoungen och virun der Statu vu Maria, eiser Tréischterin am Leed. Och si ass genau ënnert d'Lupp geholl ginn. Ganz andächtig hu mir Detailler gesinn, déi eis nach ni opgefall sinn. A wéi mir schonn um Punkt ware fir fortzagoen, seet op eemol mäi Meedchen - am beschte Prinzessinnenalter: "Kuck mol, d'Maria huet en Zauberstaf an der Hand."

Am éischte Moment iwwerrumpelt vu senger Beobachtung mierken ech wéi ech him äntweren, dass dat dach keen Zauberstaf ass, mee en Zepter a probéieren dat sou gutt (oder schlecht) wéi méiglech ze erklären. Mir sinn aus der Kierch rausgaangen, an heemgefuert. Mee ënnerwee am Auto huet mech seng Beobachtung net lassgelooss. D'Maria mam Zauberstaf... Op sou eng Idee kënne just Kanner kommen an hier Ideen bréngen eis ëmmer rëm un d'Nodenken.

D'Maria mam Zauberstaf. Mat engem Zauberstaf kann een zauberen, Saache verännern, Mënsche verwandelen. Eigentlech dach e schéint Bild. Nee, ech gleewe net un d'Maria als Zauberer. Do muss de just dat richtegt Gebiet maachen, an da leeft et. Dat ass eng Virstellung, déi ganz séier frustréiert an dann distanzéiert ee sech, well et jo souwisou net funktionéiert. Mee dat Bild gefält mir an eigentlech ass et jo och net sou falsch. Ech gesinn d'Maria als Firsprecherin beim Herrgott. Si als dem Jesus seng Mamm wouss jo wuel am Beschte wéi de Jesus getickt huet an huet jo och déi eng oder aner Kéier konnten als "Jesuskenner" iwwerzeegen. Ech denken un d'Hochzäit zu Kana (nozeliesen bei Joh 2,1-12).

Mir sinn am Rousekranzmout Oktober. An eiser Por gött op ville Plazen de Rousekranz gebiet (den Detail fannt Dir op eisem Internetsite an eisem Porkalenner op oewersauer.lu). De Rousekranz ass e Gebiet zur Maria. Bei si komme mir mat eise Suergen an eiser Freed, erzielen hier am Gebiet vun eisem Liewen. Gebiet ass eng wichteg Saach, sief et an enger Form wéi de Rousekranz oder och fräi formuléiert. Et bréngt eis zur Rou, et bréngt eis un d'Nodenken. An oft verännert sech eppes, nämlech eise Bléck op dat, wat mir erlieft hunn. Mir si verwandelt. Et ass eigentlech nach ëmmer alles dselwescht, awer mir hu Kraaft a Courage kritt, den Alldag unzagoen. An an deem Sënn passt dat wonnerbar gutt zesummen: d'Maria mam Zauberstaf.

A wann dir deemnächst eng Kéier virum Maria setzt oder de Rousekranz biet, denkt u si, d'Maria mam Zauberstaf!

Fürbitten:

- Fir eis Kierch: Looss si d'Zeeche vun der Zäit erkennen, an de Mënschen vun haut eng echt Liewenshëllef sinn. Härgott héier eis.
- Fir all déi Léit, déi duerch verschidden Ëmstänn an hirem Liewen, den Glawen, d'Hoffnung an d'Léift verluer hunn: Looss si bäi Dir erëm eng nei Perspektiv fannen. Härgott héier eis.
- Fir d'Uleies vun de kierchleche Beruffer: Härgott looss aus eiser Mëtt ëmmer erëm jonk Mënschen de Wee zu dir fannen, a sech an däin Déngscht stellen. Härgott héier eis.
- Hei ass Plaz fir déi perséinlech Uleies...

Gebiet: Vater Unser, Gegrüsset seist du Maria

Schlussgebiet:

O Maria hilf doch mir,
 es fleht dein armes Kind zu dir.
 Du bist es ja, die helfen kann,
 o nimm dich, Mutter, meiner an.
 Hilf, Maria, es ist Zeit,
 hilf, Mutter der Barmherzigkeit.
 Du bist mächtig, uns aus Nöten
 und Gefahren zu erretten;
 denn wo Menschenhilf' gebricht,
 mangelt doch die deine nicht.
 Nein, du kannst das heiße Flehen
 deiner Kinder nicht verschmähen.
 Zeige, daß du Mutter bist
 wo die Not am größten ist.
 Hilf, Maria, es ist Zeit,
 hilf, Mutter der Barmherzigkeit.

altes Volksgebet

Rousekranzandacht zu Useldeng an der Kierch

Mëttwochs de 7. Oktober 2020

Um 19.00 Auer

Wéi all Joer biede mir als chrëschtlech Gemeinschaft am Oktober de Rousekranz besonnesch fir eis krank Matbierger an eis Verstuerwen aus dem leschte Joer (Oktober 2019-2020) D'Famille vun de Verstuerwenen sinn häerzlech invitéiert un dëser Andacht deelzehuelen:

Mir biede fir déi Verstuerwen, déi bei äis gewunnt hunn resp. op eise Kierfechter begruewe sinn.

Et sinn dat: Stierfdatum

Oktober 2019:	Feyereisen-Neu Germaine/U
November 2019:	Letté Eric/U
Januar 2020:	Bernardy Pascal/U; Bintz John/R
Februar 2020:	Hennico Henri/U
Mäerz 2020:	Barnig-Elsen Milly/R; Rieff Erny/E
Abrëll 2020:	Aachen Armand/U; Krier-Grewiese Gisèle/U; Cloos Jean-Pierre/E
Mee 2020:	Jacoby Armand/R; Karger-Kauffmann Joséphine/E
Juli 2020:	Muller Fernand/U
August 2020:	Schmit Eugène/R; Barthelemy-Schiltz Josette/R
September 2020:	Staus Lou/E

Mir denken och un de verstuerwene fréieren Dechen aus eisem Dekanat, den Här Nicolas Hardt an un d'Schwëster vun eisem Här Paschtouer, d'Madame Pauline Janssen.

Aus de bekannte sanitäre Grënn sidd Dir all gebieden Äer Masken ze droen.
Merci.

RADIOSMASS zu USELDENG AN DER KIERCH Sonndes, de 25. Oktober 2020.

um 9.00 Auer an der Kierch zu Useldeng. Dës Mass gëtt LIVE um DOK.TVKanal iwwerdreien.

Sidd w.e.g. zur Zäit an der Kierch, 9.45 Auer. (Masken net vergiessen). Merci.

SERVICE „REECH ENG HAND“

Hëllefssruff vum SERVICE „REECH ENG HAND“ vum Äerzbistum (Flüchtlingshëllef).

Fir d'Accueil-Struktur zu Monnerech fir Flüchtlingen déi elo, wann se am Land ukommen, duer mussen an d'Quarantän goen, ginn dringend Frottee-Handdicher a Lännercher gebraucht. Mir bedeelegen äis als KAD un dëser Hëllefssaktioun. Wann Dir wëllt Handdicher resp.Lännercher stëffen, da kënnt Dir déi esou séier wéi méiglech ofginn (oder à-mir kommen se sichen) beim Lou Anzia-Ney, 1a, um Reebou, Useldeng / Tel: 23 63 9718.